pétange
MOTIVATION COMMUNE

Madamm COUTO Paula
Gemengeconseiller

15, rue Amalbergue

L-4806 RODANGE

Referenz : 2025.68447.SECR

Péiteng, den 17 .Oktober 2025

Betreff: Är Froe vum 18. September 2025
(Den Dossier gëtt beaarbecht vum Yves SCHILTZ- Tel.: 50 12 51 - 3011)

Madamm Couto,

An Ärem Bréif vum 18. September 2025, deen der Gemengeverwaltung per Email zougestallt gouf, stellt Dir dem Schäfferot folgend Froen :

Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,

*am Numm vun de Bierger*innen aus der Cité Croix Saint Pierre wéilt ech mech un Iech riichten a méi kloer Informatiounen iwwert déi Installatioun vum „chauffage urbain à pellets“ ufroen.*

An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:

*1. **Uschlëss / Versuergung**: Wéi eng Haiser oder Wunnengen hänke konkret un dësem Heizungssystem?*

*2. **Ënnerhalt**: Wéi ass d'Prozedur fir den Entretien and'Reparaturen? Wien ass responsabel am Fall vun enger Stéierung oder Panne?*

*3. **Pellets-Liwwerung**: Wéi gëtt d'Versuergung mat Pellets organiséiert, a wéi eng Sécherheet hu mir, datt d'Liwwerung och laangfristeg garantéiert ass?*

*4. **Fakturatiounspräis**: No wéi enge Critèrë ginn d'Käschten a Präisser festgeluecht, a wéi eng Transparenz gëtt et an deem Kontext fir d'Bierger*innen?*

*5. **Zukunft / Dauerhaftkeet**: Ass dëst Heizsystem als definitiv Léisung ugeluecht oder sinn och aner Alternative virgesinn?*

*6. **Lokal Emissiounen**: Wat geschitt mat de potentiellen Émanatiounen duerch d'Verbrennung vu Pellets an der direkter Noperschaft vun den Haiser? Gëtt d'Konformitéit mat de gülteg Ëmweltnormen iwwerpréift a garantéiert? Vu wiem?*

*7. **Grënn fir d'Plaz**: Firwat ass genau an der Mëtt vun der Cité eng zentral Heizanlag installéiert ginn?*

*8. **Définitv oder provisoresch:** Laut eisen Informatioune soll des Zentral, di 2023 installéiert gouf, provisoresch sinn. Kann de Schäfferot eis dat bestätegen? Wéi laang sollt dat provisorescht halen?*

*9. **Aaner Projets:** : Ginn et an eiser Gemeng, weider änlechProjete geplangt? Wann jo, wou sollen déi hikommen?*

*10. **Commodo / Incommodo:** Ënnert welcher Klasse fällt di Anlag? Wéini gouf d'Etude fir d'Exploitatioun vu Pellets lancéiert? Wien huet hei d'Autorisatioun ginn? Kann de Schäfferot eis eng Kopie zoukomme loossen?*

Mat Respekt,

Paula Couto.
Gemengeconseiller

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

1. De Wunnengsbau-Projet an der Rue Saint Croix hat initial virgesinn dat d'Haiser vun dësem PAP un d'Fernwärme ugeschloss ginn. Well dëse Projet awer e privatrechtleche Projet ass, huet d'Gemeng keng Asiicht, wéi eng Haiser iwwert wat gehëtzt ginn.

2. Och hei ass d'Gemeng net zoustänneg. Et handelt sech ëm e privatrechtlechen Heizungssystem, iwwert deen d'Gemeng keng Handhab huet. Dëst genee esou wéi beim Stroumnetz oder aneren Heizungssystemer.

3. Hei verweise mir erëm op d'Äntwerten zu de Froen 1 an 2. Och hei huet d'Gemeng keng Kompetenz oder Awierkméiglechkeet.

4. Och hei verweise mir erëm op d'Äntwerten zu den 3 éischte Froen.

5. D'Gesetz gesäit vir dat jidder Bierger de fräie Choix huet u wéi eng Hëtztversuergung hien sech uschléisst oder bei sech selwer doheem installéiert. Den Heizungssystem muss just de legale Gesetzesvirschréften entspriechen. Just d'Gasheizung gëtt zënter 2023 net méi bei neie Logementer virgesinn.

6. D'Gemeng ass net zoustänneg fir d'Iwwerpréife vun den Emissiounen. Dëst ass d'Kompetenz vun der Ëmweltverwaltung.

7. Wéi schonn an der éischter Fro drop higewisen, handelt et sech ëm e privatrechtleche Wunnengsbau-Projet vun engem private Promoteur. Dësen huet deemno och déi néideg Planung a Standuertssich duerchgefouert a virgeluecht, fir ze garantéieren dat den Heizungssystem funktionéiert.

8. De Standuert vun der Zentral ass gemäss Pläng zënter 2011 op dëser Plaz virgesinn. D'Gemeng ass net de Besëtzer vum Terrain an der Anlag, an och net de Bedreiwer, esou dat mir Iech de Moment net kënnen op déi Fro äntweren.

9. Aner Projete sinn eis de Moment net bekannt. D'Gemeng selwer plangt de Moment keen esou e Projet.

10. Dem Gesetz no fält d'Heizungsanlag mat der aktueller Leeschtung net ënnert de Kommodo. Ab enger Leeschtung vun 1 MW ass et eng Kommodo-Klass 3A, ënnert der Kompetenz vum Aarbechtsministere.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär,

De Buergermeeschter,